



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

Eis Rettungsdéngschter zu Lëtzebuerg si ronderëm d'Auer ënnerwee, fir Mënschen an Nout ze hëllefen. Dëse Service huet natierlech säi Präis, well vill Käschtepunkten hei zesummekommen: medezinescht geschoulte Personal, dat ronderëm d'Auer prett muss sinn, technesch usprochsvollt Material fir den Transport an d'Kommunikatioun z'assuréieren an ee Stock un iwwerliewenswichtige Medikamenter.

Déi zoustänneg Ministeren op d'parlamentaresch Fro n°1347 geäntwert, datt d'CNS keng Handhabung op d'Beträg huet, déi vun Transportfirmen a Rechnung gestalt ginn an och confirméiert, datt d'Qualitéitsnorme fir d'Transporten net gesetzlech verankert sinn.

Dëst féiert dozou, datt d'Taxisambulanzen hier Leeschtunge fir e puer honnerten Euro un d'Patiente weiderverrechnen an trotz dëser héijer Rechnung d'Sécherheet an d'Gesondheet vum Patient wärend dem Transport net garantéiert ass.

No den Aussoe vun de Ministere wär een awer (Stand November 2019) am Gaange sämtlech Dispositiounen iwwert de Krankentransport ze analyséieren an unzepassen. Änlech Zilsetzung sinn am Koalitiounsaccord erauszulesen, wou d'Regierung geschriwwen huet: "Un cadre légal sera fixé afin de pouvoir garantir la prise en charge et le transport de malades ou de blessés en-dehors des situations d'urgence, dans des conditions optimales de confort, de sécurité et d'hygiène. Il sera veillé à conventionner le secteur des ambulances privées."

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Den Aussoen aus dem Koalitiounsaccord ze urteilen, sinn déi zoustänneg Ministeren der Meenung, dass d'Patienten am Fall vun engem Transport an enger Ambulanz een Deel vun der Rechnung bezuele sollen oder net?
2. Wäerten d'Ministerinnen dofir suergen, datt d'Taxislizenz u strikt Sécherheits- a



www.piraten.lu

Gesondheetskonditioune gebonne gëtt? Falls jo, wat ass geplangt?

3. Kënnen d'Patienten nach an dëser Legislaturperiod domadder rechnen, dass Ännerunge bei den Tariffer an der Qualitéit vum Transport a Kraaft trieden?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

